ORGANISÉIERT VUM 10. BIS DE 16. OKTOBER ÄR

PORTE OUVERTE AN ÄRER GEMENG

ZESUMMEN EGALITÉIT LIEWEN

EGALITÉIT LIEWEN!

AM KADER VUN DE GEMENGEWALEN 2023

EGALITÉIT LIEWEN!

OPRUFF FIR D'ORGANISATIOUN VUN ÄRER „PORTE OUVERTE“ VUM 10. BIS DE 16. OKTOBER

Am Kader vun de Gemengewalen 2023 start dësen Hierscht déi national Campagne „Egalitéit liewen!“, de Schlëssel fir eng modern Gemeng. D'Zil ass méi Participatioun vu Fraen an der Gemengepolitik, fir e besseren Equiliber tëscht Fraen a Männer aus allen Alterskategorien an den zukünftege Gemengeréit.

Fir méi Biergerinnen a Bierger ze begeeschteren hir Kandidatur ze stellen, ass et en éischte wichtege Schrëtt, dass si en Abléck an d'Banneliewe vun enger Gemeng kréien, an dobäi de politeschen Alldag souwéi och déi verschidden Entscheedungsprozesser méi no bruecht kréien. Aus deem Grond huet de MEGA d'Konzept vun enger Porte Ouverte an der Gemeng entwéckelt, déi et de Gemengen erméiglecht, net nëmmen d'Raimlechkeeten, d'Administratioun an d'Servicer virzestellen, mä och op déi wichteg Aarbecht vum Schäffen- a Gemengerot anzegoen, an esou nei potentiell Talenter, besonnesch Fraen, ze begeeschteren an ze motivéieren, sech politesch z'engagéieren.

ORGANISATIOUN A GEMENGENHAND

Op eisem Site **www.megagemengen.lu** fannt Dir eng Toolbox an Informatiounsmaterial. Dozou gehéieren ënnert anerem:

- En Teaserfilm;
- Bannere fir d'Sozial Medien;
- A3 Affichen;
- En Template vun engem A4 Flyer fir ze drécken oder digital ze publizéieren;
- Material iwwert de Fonctionnement vun enger Gemeng (SYVICOL).

D'PORTE OUVERTE SOLLEN AN DER WOCH VUM 10. BIS DE 16. OKTOBER 2022 OP ENGEM ODER MÉI DEEG AN DE GEMENGE STATTFANNEN.

BEISPILLER VU MÉIGLECHEN AKTIVITÉITEN, DÉI AN ÄRER GEMENG ORGANISÉIERT KËNNE GINN

GUIDÉIERT VISITTEN

Féierung duerch d'Administratioun; Erkläre wat genee d'Missioune vun engem politesche Mandat an enger Gemeng sinn.

PARTICIPATIOUN POLITESCH SITZUNG

Simulatioun vun engem Schäffen- oder Gemengerot.

AUSTAUSCH

Austausch tëscht de Memberen vum Schäffen- a Gemengerot an de Visiteuren, zB a Form vun engem „World Café", „Lieweg Bibliothéik".

FORMELL AKTEN

Virstellung vun verschidde formellen Akten, kann och zB mat der Hëllef vun enger lokaler Theatergrupp oder engem Veräin duerchgefouert ginn.

MANDAT

Informéiert d'Leit doriwwer, wat et bedeit, e Mandat unzehuelen, mat engem Fokus op weiblech Mandatairen, déi hir Erfarungen deelen.

GARDERIE FIR D'KANNER

Falls méiglech, stellt eng Garderie fir d'Kanner vun de BiergerInnen zur Verfügung, déi Är Gemeng besichen.

SCHÄFFEN- A GEMENGEROT

Wéi leeft e Schäffen- a Gemengerot of? Loosst Iech vun eisem Partner, dem Zentrum fir politesch Bildung, e flott Konzept presentéieren, an deem Dir als Gemengeresponsabelen involvéiert sidd!

Limitéiert Offer – Kontaktéiert heifir den Zentrum fir politesch Bildung

OPPENE GUICHET

Maacht Äre Guichet op, fir datt Net-Lëtzebuergerinnen a Net-Lëtzebuerger, déi d'Gemeng bei der Porte Ouverte besichen, sech aschreiwen, fir däerfe wielen ze goen. Heizou kann d'Gemeng och Informatiounsmaterial vum nationale Bureau vun der sozialer Inclusioun vum Familljeministère kréien.

Limitéiert Offer – Kontaktéiert heifir den Office national de l'Inclusion sociale

BEI DE GEMENGEWALEN 2017 WARE 35,78% VUN ALLE KANDIDATINNEN A KANDIDATE WEIBLECH, AN ET GOUFE 24,75% FRAE GEWIELT!

D'PARTICIPATIOUN VU FRAEN AN DER LOKALER POLITIK ASS NACH WÄIT EWECH VUN ENGER GUDDER MIXITÉIT. DOFIR D'KAMPAGNE „ZESUMMEN EGALITÉIT LIEWEN" MAM OPRUFF UN ALL D'GEMENGEN, MATZEMAACHEN.

ENGAGÉIERT IECH ELO AKTIV FIR MÉI EGALITÉIT OP ÄREM TERRITOIRE!

Dës Campagne gëtt organiséiert vum Ministère fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer, zesumme mat senge Partneren dem SYVICOL, dem Familljeministère an dem Zentrum fir politesch Bildung. D'Ekipp vum MEGA steet lech fir all eventuell Froen zur Verfügung: egaliteitliewen@mega.etat.lu a seet lech elo schonns villmools Merci fir Äert Engagement.

EGALITÉIT LIEWEN!

SYVICOL Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes

megagemengen.lu

@luxembourgmega